



Dossier suivéiert vum

Schäfferot ☎ 359 711-207

✉ [college.echevinal@sandweiler.lu](mailto:college.echevinal@sandweiler.lu)

CSV Sandweiler

Madam Simone Massard-Stitz

Här Romain Dumong

Här Jean Lemmer

Sandweiler, den 12 Dezember 2024

**Betrëfft :** Är Froen un de Schäfferot fir d'Gemengerotssëtzung vum 5. November 2024

**Eis/Ref. :** CSV - 2024.11.05 - CE

**Är/Ref. :** Courrier vum 31. Oktober 2024

Madamm Massard-Stitz,  
Här Dumong,  
Här Lemmer,

Heimadde schécke mir Iech d'Äntwerten op Är Froen déi Dir un de Schäfferot hat an der Gemengerotssëtzung vum 5. November 2024.

**Fro 1:**

*"D'Gemeng huet eng Ëmfro bei de Bierger gemaacht iwwert den Internetsite vun der Gemeng.*

- *Wéi vill Leit hunn do matgemaach?*
- *Wat hunn d'Leit am heefegsten ugi wat ze verbessere wär?*
- *Wéi eng Suite kritt déi Ëmfro?"*

**Äntwert:**

- Am Ganzen hu 26 Leit matgemaach.
- Iwwersetzung an 3 Sproochen.
- Opmaachen vun de PDFs an engler .Preview web am plaz se ze téléchargéieren  
→ gouf schonn ëmgesat.
- Erofhuele vun Evenementer déi schonn eriwwer sinn  
→ verschidden Rubrike ginn erofgeholl (z.B. Chantiere déi eriwwer sinn, ...) anerer bleiwen drop  
(z.B. Scheckiwwerreechung, ...).
- Informatiounen iwwer Staatshëllef oder Links op verschidde Potaile sinn "net à jour".
- Verschidden Informatiounen, déi op Facebook sinn, sinn net um Site.  
→ an der Zwëschenzäit sinn all Neiegkeeten op Facebook an um Site.
- E Chatbot derbäi maachen.

**Fro 2:**

*"Paschtoueschhaus op Nummer 10 an der Itziger Strooss steet eisen Informatiounen nom Depart vum Paschtouer Schartz eidel.*

- *Wat plangt de Schäfferot mat dëser Wunneng ze maachen?"*

**Äntwert:**

De Schäfferot ass am Gaangen engersäits ze plangen fir datt d'Wunnecht direkt ka benotzt gi fir eng "Famille en détresse" an anerersäits solle Coursen a Versammlungen fir eis Veräiner do ofgehale ginn.

**Fro 3:**

*"No 2 Joer ass d'Baugeneemegung fir d'Platz vum fréiere Restaurant "Wäissen Haff" ofgelaf a kann net méi verlängert ginn.*

- *Huet de Schäfferot Kontakt mam Promoteur?*
- *Ass nach Interessé vum Promoteur do, fir dëse Projet ze realiséieren an sou neie Wunnraum ze schafen?"*

**Äntwert:**

Neen, de Schäfferot huet kee Kontakt mam Promoteur.

**Fro 4:**

*"Onsen Informatiounen no ass de Promoteur vum PAP "am Duerfkär" faillite.*

- *Huet de Schäfferot Kontakt mam Proprietär?*
- *Huet de Schäfferot Informatiounen, wéi et soll mat dësem PAP weidergoen? Ass Ären Informatiounen no, schonn en neien Investisseur fonnt?"*

**Äntwert:**

Wéi kënnt dir esou Behauptungen opstellen.

De Schäfferot äussert sech net dozou. De Promoteur ass Proprietär vum dësem Terrain an hie mécht domat wat hie fir richtig hält am Kader vum Gesetz.

**Fro 5:**

*"Am Juni / Juli 2024 huet eng Petitioun stattfonnt an där Bierger de Schäfferot opfuerderen d'Bierge ze froe wéi e Projet vum Park soll realiséiert ginn. Bis elo huet de Schäfferot net op déi Petitioun reagiert.*

- *Wéi positionéiert sech de Schäfferot zu dëser Petitioun?*
- *Plang de Schäfferot d'Bierger ze froe wéi e Projet, dee vun 2022 oder dee vum Mee 2024, soll ëmgesat ginn?"*

**Äntwert:**

De Quorum fir weider Schrëtt ze ënnerhuelen ass an dëser Petitioun net erreecht ginn.

De Schäfferot invitéiert iech den 19.11.2024 um 19h00 an de Centre culturel zur Presentatioun "Sandweiler fit fir d'Zukunft".

**Fro 6:**

*"Kennt Dir ons w.e.g. Informatiounen iwwer d'Auslaaschtung vun den 3 Chargy Statiounen op den öffentliche Parkinge vun der Gemeng liwweren?"*

- *Wéi sinn déi eenzel Statiounen iwwer 1 rezente Mount vum Joer 2024 (hors Sommervakanz, also am beschte Juni oder Oktober) ausgelascht?*
- *Wéi ass dobäi d'Auslaaschtung am Dag (8h-20h) an an der Nuecht (20h-8h)?"*

**Äntwert:**

De Beamten, dee sech ëm dësen Dossier bekëmmert ass eng länger Zäit net do.  
Soubal mir eng Äntwert hunn, informéieren mir iech.

**Fro 7:**

*"Am Summer gouf de "poteau anti-circulation" am Agang vum Wee laanscht d'Gemeng, Wee deen Deel vum "séchere Schoulwee" ass, an d'Hallschent vum Wee no hanne geréckelt. Dëst huet bewierkt dass den Agang vum Wee ëmmer erëm vum Automobiliste gebraucht gëtt fir d'Kéier ze maachen oder kuerzzäiteg do ze stationéieren.*

- *Wat ass de Grond dass dee Poteau geréckelt gouf an domat de Schoulwee fir d'Kanner op där Platz méi onsécher gemaach gouf?"*

**Äntwert:**

Dee Sujet ass schonn am Kader vun äre Froen, deen dir selwer op den "Ordre du jour" (Punkt 23) vum Gemengerot gesat hutt, behandelt ginn.

**Fro 8:**

*"Reamenagement vun der rue Lentz an der rue Nic Welter ass esou weit fäerdeg. Fir Sécherheet vun de Schoulkanner ze garantéiere war scho virun den Aarbechten e „sens unique" laanscht Schoul agefouert ginn.*

- *Ass geplangt deen erëm anzeféieren??*
- *Wann "Nee", wisou net?"*

**Äntwert:**

De Schäfferot informéiert iech, dass d'Sécherheet assuréiert ass duerch :

- Zone 30 ;
- Schëlde fir de Parking sécher ze maachen sinn opgestallt ginn ;
- "Gendarmes couchés" sinn installéiert ginn.

**Fro 9:**

*"Op Facebook gëtt et zanter den 18.10.2024 eng Säit mam Numm "Comission Jeunesse" (net "Commission de la jeunesse") an déi vun sech schreift "Den offiziellen konto vun der Sandweiler Jugendkommissioun" ze sinn. Och op Instagram géif sou eng Säit bestoen.*

- *Huet déi Säit e Lien mat der "Commission de la jeunesse" oder der Gemeng?*
- *Wann jo:*
  - *Wéi ass dat kompatibel mat de reng consultativen Aufgabe vun enger "Commission consultative"?*
  - *Gedenkt d'Gemeng der Kommissioun bei der Kommunikatioun ënner d'Ärem ze gräifen?*
- *Wann nee: Plangt de Schäfferot géint des Säit an iergend enger Form virzegoen?*

Link: <https://www.facebook.com/profile.php?id=61567410057684>

*Bild an der Annexe"*

**Äntwert:**

De Schäfferot mécht e Rappel, dass all Publikatioun iwwe eise Service Kommunikatioun publizéiert gëtt.  
D'Persoun, déi dësen Facebook-Site installéiert huet, ass opgefuerdert ginn dësen direkt ze läschen.  
Wat och gemaach ginn ass!

**Fro 10:**

- *"Wéi vill Leit sinn an de Biergerstonne vum September an Oktober virstelleg ginn?"*
- *Wat waren hier Uleies?"*

**Äntwert:**

An der Vakanz war keng Biegerstonn a soss huet sech och kee gemellt.

**Fro 11:**

*"An der Sitzung vum 15 Mäerz 2024 huet de Gemengerot eng "Prise de position" zum PAG geholl par Rapport zu de Reklamatiounen, déi vun de Bierger un de Ministère des Affaires intérieures gescheckt gi sinn.*

- *Ass an der Zwëschenzäit den Dossier PAG zrëck op Gemeng komm?*
- *Wa jo, wéini gëtt e publizéiert?"*

**Äntwert:**

D' Decisioun vum Minister ass zeréckkomm, leider waren e puer Ongereimtheeten dran. De Schäfferot war de 5. November 2024 am Ministère fir dat ze klären a soubal alles kloer ass wäert de PAG publizéiert ginn.

**Fro 12:**

*"Am Sandweiler Aktuell 14-2024 stet ze Liesen:*

*"Fir eng nei Policeveruerdnung opzestellen, wäerte mir eng Testphas lancéieren."*

- *Wat versteet de Schäfferot ënner enger "Testphas" beim opstelle vun enger "Policeveruerdnung"? Wéi funktionéiert sou eng "Testphas"?*

*Weiderhi gëtt geschriwwen dass "ongewollt Verhalen" wäert reduzéiert ginn.*

- *Wat versteet de Schäfferot ënner "ongewollt Verhalen"?"*

**Äntwert:**

- *D'Leit ginn opmierksam gemaach, datt si sech net un eist Polizeireglement halen an de Moment nach keen "avertissement taxé" kréien;*
- *De Schäfferot gëtt net direkt repressiv, mä hie mécht d'Leit drop opmierksam datt si sech vläicht net bewusst sinn, datt hiert Verhalen contraire zum Polizeireglement ass.*

**Fro 13:**

*"Am Sandweiler Aktuell 14-2024 goufe "Parkvignette fir Residenten" ugekënnegt.*

- *Wéini gëtt de Projet am Gemengerot diskutéiert a wéini ginn d'Kommissiounen em hiren Avis gefrot?"*

**Äntwert:**

De Schäfferot huet mat den Nopeschgemengen Réckspotooch geholl a wann dëst Reglement um Enn vun der Entwécklungsphas ass, wäert hie sech vun eiser Amenagementskommission berode loossen ier et an de Gemengerot kënnt.

**Fro 14:**


*"En Amendement zum Punkt 6 vum Ordre du jour vun der Gemengerotssëtzung vum 19. August 2024 hat deemools keng Stemme vun der Majoritéit kritt. De Schäfferot hat erklärt e misst sech dat nach mol genau ukucken an d'Ulafe vun dem Pacte du vivre ensemble interculturel géif zu deem Zäitpunkt vill Zäit an Usproch huelen.*

- *Wéini plangt de Schännerot sech der Proposition vum der CSV nach mol unzehuelen déi aktuell Opdeelung ob eng méi gerecht Manéier ze iwwerschaffen?"*

**Äntwert:**

Dës Opdeelung ass am Gemengerot diskutéiert ginn an duerno ass eng Decisioun geholl ginn, déi ëmgesat ginn ass.

**De Schännerot,**



Claude Mousel,  
Schäffen



Jacqueline Breuer,  
Buergermeeschtesch



Corine Courtois,  
Schäffin